

Agrarpolitesch Stellungnahm vun de Lëtzebuenger Jongbaueren a Jongwënzer

virgedroen vum Nadine Albers-Turmes,
Vize-Präsidentin vun de LJB & JW

Léif Éiregäscht,
Dir Dammen an dir Hären,

D'Zäit leeft virun obschonn datt verschidde Problemer aus dem landwirtschaftleche Sektor, zënter Joren an eiser agrarpolitescher Stellungnahm opgegraff ginn. Mir als Jongbauerenorganisatioun si gewëllt, dës Erausfuederungen gemeinsam mat deenen Zoustännegen aus dem Agrarsektor unzegoen, fir dem Strukturwandel vun eisem Beruff Rechnung ze droen.

Meeschterkaart

Deen éischte Punkt, dee mir haut beliichte wëllen, ass d'Meeschterkaart. Et ass gewosst, datt eng adäquat a performant Ausbildung eisem Berufsstand positiv Impulser gi kann. D'Organisatioun vun de *Lëtzebuenger Jongbaueren a Jongwënzer* fuerdert schonn zënter Joren eng Meeschterkaart. Mir wëssen all, datt e Jonken mat 18 oder 19 Joer net déi néideg Kompetenzen kann hunn fir eng Entreprise mat gréisserem Kapital ze duerchblécken, wann hien net déi néideg Formatioun huet.

Lues awer sëcher ass de Berufsstand, a mat him d' « Chambre d'Agriculture », hei asiichteg ginn. No villen a schwierige Gespréicher si mir Gott sei Dank op e gemeinsame Nenner komm a sinn um Wee fir Léisungen zu dësem laang diskutéierte Punkt ze fannen. Begréissenswäert ass an deem Zesammenhang déi ugestriefte d'Partnerschaft mat der Landwirtschaftskammer vu Rheinland-Pfalz.

D'Meeschterprüfung soll eiser Meenung no an deenen éischte Joren vun den Intressenten op fräiwellegger Basis gemaach kënne ginn. No enger bestëmmter Ulaafzäit sollt d'Meeschterkaart da wa méiglech an d'Agrargesetz oder an d'Reglement mat agebonne ginn. Och kënnt si u verschidden Ennerstëtzunge gekoppelt ginn.

Op där anerer Säit stelle mir äis awer och vir, datt e Betriffsleeder, deen eventuell 10 Joer oder méi am engem Betrib ass, net forcéiert soll ginn, d'Meeschterprüfung ze maachen. An enger Entrevue mat der Agrarkommissioun vun der Chamber huet eis Meenung vill Zoustëmmung fonnt. Mir zielen deemno an dësem Punkt op déi néideg Ennerstëtzung vun den Dammen an Hären Députeiert.

An deem Zesammenhang weise mir drop hinn, datt och den CATP oder eng Equivalenz kloer definéiert an engem Règlement festgehal soll ginn, fir all deenen, déi de Beruff aus aneren Intressien eraus wëllen, dëst net ouni Weideres ze erméiglechen.

Artikel 17 vum Naturschutzgesetz a Baugenehmigungen

En ugepasste Fräiraum ass d'Grundlag fir e gutt Schaffen an engem Bauerebetrib. Mir als Jongbauerenorganisatioun hunn awer d'Gefill wéi wann eise Berufsstand ëmmer méi aus dem Naturschutz ausgeschloss gött.

Et kann net sinn, datt verschidde Verwaltungen einfach iwwert de Kapp vun de Baueren ewech Dokumenter ausschaffen, déi sech géint de Bauer riichten. Mir kommen äis heiansdo vir, wéi wa mir déi gréissten Umweltverschmutzer an Zerzéierer vun der Natur wäeren. Dat kann dach net sinn! D'Baueren hunn an deene leschte Joren massiv Effort'en a punkto Ëmweltschutz gemaach.

Et ass sécher, sou laang wéi de Bauerestand net mat an d'Gesprécher zum Naturschutz agebonnen gétt, wäert et schwieereg ginn, datt mir op ee gemeinsame Nenner kommen. Da kënnen si nach esou vill Versiounen ausschaffen, ouni datt hinnen den erhofften Erfolleg garantéiert ass.

Et kann dach net sinn, datt op all Eck am Land, Biotoper a Renaturéierungsgebidder op d'Käschte vun der Landwirtschaft entstinn. Duerch Bebauungen, Biotoper an Renaturéierungen schrumpft déi landwirtschaftlech Fläch hei am Land all Joer ëm 0,70 – 1,00 %. Eng vun eise grouse Fuerderungen - fir deem entgéint ze wierken - ass d'Auszeechne vun Zonen am « Plan d'aménagement du territoire », déi ausschliesslech der landwirtschaftlecher Produktioun zougestallt ginn. An deem Zesummenhang dierf d'Landwirtschaft och beim IVL net vergiess ginn!

Sérieusen Naturschutz kann deemno just an Zesummenaarbecht mat de Baueren realiséiert ginn. Fakt ass jiddefalls, datt d'Turbulenzen, déi an deene leschte Méint entstane sinn, net dozou bäidroen, Rou an d'Diskussionen ëm den Artikel 17 ze bréngen.

Déi aktuell Versioun vum Artikel 17 erdréckt eise Berufsstand! Dagdeeglech misste mir beim Bewirtschafte vun de landwirtschaftleche Flächen fäerten, deen een oder deen anere Biotop ze zerzéieren. Kann dat de Kader sinn, an deem mir an Zukunft musse schaffen?

Dat selwecht géllt bei de Baugenehmigungen. D'Prozedur fir eng Baugenehmigung ze kréien dauert meeschtens laang an verschidde Projeten ginn einfach ouni dat néidegt Argument verworf: mir dénken hei zum Beispill u verschidden ugefrote Schwéngsställ.

Eiser Meenung no ass d'Prozedur ze schwéierfällig. De Betriebsleeder schéckt d'Pläng vun den Infrastrukturen op de « Ministère de l'Environnement ». Aus dem Ministère eraus ginn Pläng bei d'« Administration des Eaux et Forêts ». Dono kritt dee lokale Fieschter d'Pläng zougeschéckt. No etliche Méint leeft déi Genehmigungsprozedur vum Fieschter iwwert d'Aministratioun zrück bei de Ministère. Dat schéngt äis onlogesch an ze komplizéiert. Firwat bréngt mir et net fäerdeg, datt eng Kommissioun op d'Plaz kucke geet an dann do den Avis ofgëtt. Verschidden Aarbechten kënnen jo schwéierlech vum Büro aus décidéiert ginn. Duerch esou eng Kommissioun kënnst sécherlech vill Diskussiounsstoff vermidde a schnell an efficace Entscheidungen getraff ginn.

Neit Agrargesetz

Dat neit Agrargesetz stellt de Kader fir eist Schaffen an deenen nächste Joren. Mir wiere frou, wann dat alt Agrargesetz a graffen Zich kënnst bäibehal ginn fir Aboussen am Zesummenhang mat der Reform vun der Betrubsprime – dëst speziell an intensiv bewirtschaftete Betriber - ze vermeiden.

Och d'Diskussionen iwwert de Plafong fannen mir iwwerflësseg. Eiser Meenung no misst dëse komplett eweg falen. Aus der Erfahrung eraus ginn zum Schluss vun all Agrargesetz vill Fehlinvestitiounen gemaach, fir dee sougenannten Plafong ze erschöpfen. Eiser Meenung no géif de Plafong just Sënn maachen, wann d'Strukturen an d'Gréissten vun de Produktiounen an de Betriber eenheetlech wäeren.

De Strukturwandel an deene vergaangene Joren huet mat sech bruecht, dass eng Vielfalt vu Produktiounsrichtungen erschloss gi sinn an d'Gréissten vun deene Produktiounen hunn an eenzelne Betriber e sougenannte „Boom“ erlieft.

E Mëllechbetrib mat 1 Mio kg Mëllech muss awer méi investéieren ewéi e Betrib mat 200.000 kg Mëllech. D'LJB & JW sinn der Meenung dass déi staatlich Ënnerstëtzungen bei Investitiounen opgrond vun den Buchführungsresultater berücksichtegt solle ginn. Nëmmen da mécht och d'Investitiounsberodung vum « Service d'Economie Rurale » e Sënn an huet dee Stellwäert, deen se sech wëlle ginn.

De Kader vun der 1. Betriebsinstalléierung soll iwwerduecht ginn. De Bewirtschaftungsvertrag mécht net vill Sënn a muss a Fro gestallt ginn. Sou kënn engem Jonken am éischte Joer vum Iwwerhuelen vun engem Betrib bei verschiddenen Investitiounen e puer % méi u Subsiden zougestallt ginn.

Subsiden, Betriebsprime, Kontrollen

Am Courier, deen äis beim Ausbezuelen vun den Ënnerstëtzungen zougestallt gëtt, misst méi Klorheet bestoen. Heiansdo muss mir sämtlech Dossier'en duerchkucken fir ze gesinn, ëm wat et fir eng Ënnerstëtzung et sech handelt. Hei kënn eng Dossiersnummer ganz vill Dingschter leeschten.

Bei enger Bedeelegung un engem Gemeinschaftsprojert - wéi z. B. enger Biogasanlag - ass d'Wahrscheinlechkeet grouss, dass eng Kontroll vun de bedeelegte Betriber usteet. Dat ass tolerabel, mee et kann net sinn, dass all Kéier, wou en neie Subside fir d'Anlag ugefrot gëtt, eng nei Kontroll vun dese Betriber usteet. D'Kontrolle sollte gebündelt sinn, fir ze vermeiden, dass all Dag en anere Controller virun der Dir steet. Op där anerer Säit, wann och just déi Betriber kontrolléiert ginn, déi Investitioune maachen, dann ass et schwéier déi schwaarz Schof aus der Branche ze fannen. Hei besteet akuten Handlungsbedarf.

Wat d'Betriebsprime betrëfft, sou fuerdere mir als Jongbauerenorganisatioun, dass se éischer wéi bis elo ausbezelt gëtt. Am Ausland ginn des Primen an der Regel all mateneen an och éischer zougestallt. Hei am Land muss mir nach iwwer Tranchen nodénken, wann an eise Nopeschlänner scho laang alles geregelt ass.

Och eis Umweltprogrammer mussen eiser Meenung no méi flexibel gestallt ginn, an anstatt deene festgeschriwwene Joren, op maximal 2 – 3 Joer ausgeluegt ginn. Eng Zäitspan vu 5 Joer schéngt äis ongewëss an net realistesch.

Erneierbar Energien

Eng vun deene gréissten Erausforderungen am 21. Jorhonnert sinn d'alternativ Energien. Dëst ass en Thema, dat haut jidderee betrëfft. Wéi mir all wëssen, ass d'Quantitéit vun de fossilen Energien begrenzt an irgend eng Kéier sinn all d'Reserven opgebraucht. D'Zukunft läit deemno ganz kloer bei den erneierbare Ressourcen.

D'Jongbaueren sinn sech dat bewusst a gesinn en dese Ressourcen eng reell Zukunft fir Lëtzebuerg; Sief dat an der Forschung, der Industrie a ganz besonnesch an der Landwirtschaft, déi sech domat een zweet Standbeen kann opbauen.

Eng vun de Méiglechkeeten bidd d'Produktioun vu Waasserstoff. Fir dese Projert zukunftsfähig ze maachen muss eis Regierung schnell handeln an ee feste Kader schafen. Allerdings muss opgepasst ginn, dass et net geet, wéi bei de Photovoltaïque-Anlagen, wou d'Leit schlussendlech am Ree stoe gelooss gi sinn !

Net nëmmen eis Regierung ass gefuerdert, mee och eis Landwirtschaftskammer, eis Gewerkschaften, all déi Organisatiounen, déi sech mat alternativen Energieë befaassen, an natiirlech all eenzelne Bauer. Hei soll zesummen diskutéiert an e gemeinsamt Ziel am Intressi vun eiser Umwelt erreecht ginn.

Verschiede Baueren hu schonn an erneierbar Energien investéiert an et sinn eng Rei Biogasanlagen am ganze Land opgebaut ginn. Wat dës Anlage betrëfft, sou fuerdere mir en neit Aspeisungsgesetz. Hei kann een sech un eisen däitsche Noperen orientéieren, wou dat schonn a Kraaft ass. Et kënn een eise Bedriwer vun de Biogasanlagen entgéint kommen wann hei dee sougenannte Biomüll kënn verschafft ginn an esou nach méi Energie kënn produzéiert ginn. Momentan geet dës potentiell a wäertvoll Energie an eise Kompostéierungsanlagen verluer.

Déiereschutz

An deene leschten Deeg a Wochen gëtt eist Land, wéi och eis Noopeschlänner mat der Blo-Zonge-Kränk bedrot. D'Marcheeën brieche lues a lues zesummen an de Präis fällt. Heiansdo kënn et äis vir, wéi wann dat vu politescher Säit gewollt wier.

Mat der Aféierung vun der Para-TB-Sanéierung huet d'Veterinärinspektioun déi richteg Richtung ageschloen. An awer ass et fir äis net verständlech, firwat datt bei sämtleche Mammekéi aus dem Betrib Bluttprouwen vum Vétérinaire geholl ginn a just e gewësse Prozentsaz dovun analyséiert gëtt. Do fillen d'Baueren sech veräppelt. Et sollen deemno éischter eenzel Béischten erausgefiltert an dat gezaaptent Blut dann och analyséiert ginn.

Mir froen äis och wat folgende Fall bedeite soll : A rezenter Zäit sinn zwee Beamten an e Mëllechbetrib gefuer fir Prouwen vu Béischten ze huelen. Déi arrogant Leit sinn einfach an d'Mëllechkummer gaang ouni ee Wuert ze soen. Dat kann dach net sinn! Ass dat eng nei Form vun Aarbechtsbeschäftegung?

Et bleift nach vill ze maachen!

Dir gesidd: et bleift vill ze maachen! Eis Fuerderungen sinn all reeell a mam néidege politesche Wëllen och ëmsetzbar. Dat sëtzt allerdings viraus, datt net ëmmer erëm aner Intressen iwwert déi vun der Landwirtschaft gestallt ginn. Wa mir all un engem Strang an an eng Richtung zéien, dann – a nëmmen dann – huet d'Landwirtschaft och hei zu Lëtzebuerg hir Plaz an deen néidege Stellwäert.

Ech soen Iech Merci !